LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 1181 vum 13. September 2024 vum Här Deputéierten Fred Keup.**

*Wéi huet sech d'Gebuerterat an de leschte Joren entwéckelt, an a wéi engem Ausmooss spigelen d'Nationalitéite vun den Elteren dës Zuelen erëm? Kéint den Här Minister an deem Zesummenhang eng Tabell zur Verfügung stellen, an där d'Nationalitéite vun den iwwer 12.000 Persounen, déi 2022 Eltere goufen, duergestallt ginn? Sinn d'Zuele vun 2023 scho verfügbar?*

De STATEC publizéiert all Joer am Abrëll demographesch Donnéeë vum Joer virdrun um Statistikportal (Statistiques - Luxembourg (public.lu)). D'Donnéeën zu de Gebuerten 2023 sinn deemno zanter Abrëll 2024 verfügbar (Une croissance démographique réduite en 2023 - Statistiques - Luxembourg (public.lu)). Et gëllt ze bemierken, datt de Rapport "Travail et Cohésion sociale", publizéiert vum STATEC de 24. September 2024, e spezifescht Kapitel iwwer d'Evolutioun vun de Gebuerten an der Fruchtbarkeet enthält. (Rapport "Travail et cohésion sociale" 2024 - Statistiques - Luxembourg (public.lu) ; Säiten 24-33).

Wat d'Nationalitéit vun den Elteren ugeet, sou haten 2023 1.726 Puppelcher (oder 27.3% vun de Gebuerten) zwee lëtzebuergesch Elterendeeler. 1.414 Puppelcher haten ee Lëtzebuerger Elterendeel (22,4%). 3.180 Puppelcher (50,3% vun de Gebuerten) haten also zwee Eltere vun auslännescher Nationalitéit.

| | Nationalité de la mère | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Nanationalité du père | Luxembourg | Autre nationalité de l'UE-27 | Autre nationalité | Apatride | Indéterminée | Total |
| Luxembourg | 1726 | 406 | 238 | 0 | 4 | 2374 |
| Autre nationalité de l'UE-27 | 474 | 1660 | 339 | 0 | 1 | 2474 |
| Autre nationalité | 205 | 200 | 886 | 2 | 1 | 1294 |
| Apatride | 0 | 0 | 2 | 2 | 0 | 4 |
| Indéterminée | 87 | 50 | 35 | 0 | 2 | 174 |
| Total | 2492 | 2316 | 1500 | 4 | 8 | 6320 |

Source : STATEC

Am Detail sinn d'Nationalitéite vun Eltere vun Puppelcher, déi am Joer 2023 gebuer goufen, déi follgend:

| Nationalité | Mère | Père |
|---|---|---|
| Luxembourg | 2492 | 2374 |
| Allemagne | 111 | 112 |
| Belgique | 142 | 173 |
| France | 483 | 570 |
| Italie | 208 | 262 |
| Espagne | 99 | 94 |
| Portugal | 777 | 913 |
| Pays Bas | 26 | 29 |
| Danemark | 6 | 14 |
| Grèce | 50 | 48 |
| Irlande | 18 | 15 |
| Autriche | 9 | 7 |
| Finlande | 10 | 6 |
| Suède | 15 | 19 |
| République Tchèque | 20 | 5 |
| Estonie | 5 | 4 |
| Chypre | 4 | 4 |
| Lettonie | 8 | 5 |
| Lithuanie | 19 | 11 |
| Hongrie | 24 | 10 |
| Malte | 3 | 4 |
| Pologne | 88 | 43 |
| Slovénie | 11 | 9 |
| Slovaquie | 17 | 10 |
| Bulgarie | 35 | 25 |
| Croatie | 24 | 17 |
| Roumanie | 104 | 65 |
| Pays non-UE | 1504 | 1298 |
| Indéterminé | 8 | 174 |
| Total | 6320 | 6320 |

Source : STATEC

*Kéint den Här Minister erklären, wéi d'Statistike verschafft gi bei Kanner, wou d'Eltere verschidden Nationalitéiten hunn? Gëtt et an deem Zesummenhang och eng Méiglechkeet, fir de Fertilitéitstaux, opgeschlësselt no Nationalitéit, duerzestellen?*

Fir d'Haaptnationalitéit vu Leit mat méi Nationalitéiten ze bestëmmen, befollegt de STATEC d'europäesch Reglementer.

Eng Persoun mat duebeler oder multipeler Staatsbiergerschaft gëtt an engem eenzege Staat vun der Staatsbiergerschaft klasséiert, dëst entspriechend der follgender hierarchescher Uerdnung:

(1) Lëtzebuerger Nationalitéit oder

(2) wann déi Persoun net Lëtzebuergesch ass: en anere Memberstaat vun der Europäescher Unioun oder

(3) wann d'Persoun keng Nationalitéit vun engem anere Memberstaat vun der Europäescher Unioun huet: en anert Land ausserhalb vun der Europäescher Unioun.

Wann eng Persoun d'Nationalitéit vun zwee Länner huet, déi Deel vun der Europäescher Unioun sinn oder zwou Nationalitéiten, déi net Deel vun der Europäescher Unioun sinn, awer kee Land als 1. Nationalitéit déclareiert ass, oder falls keent aus der Europäescher Unioun ass, berücksichtegt de STATEC d'Gebuertsland. Wann d'Gebuertsland enger vun den Nationalitéiten entsprécht, ass et dës Nationalitéit, déi berücksichtegt gëtt. Soss gëtt déi éischt deklaréiert Nationalitéit berücksichtegt.

| Nationalité 1 | Nationalité 2 | Pays de naissance | Nationalité retenue |
|---|---|---|---|
| Luxembourg | France | France | Luxembourg |
| France | Maroc | Maroc | France |
| France | Belgique | France | France |
| France | Belgique | Belgique | Belgique |
| France | Belgique | Allemagne | France |
| Belgique | France | Allemagne | Belgique |

Donnéeën zur Fertilitéit sinn am ëffentlechen Rapport "Travail et Cohésion sociale" ze fannen (Rapport "Travail et cohésion sociale" 2024 - Statistiques - Luxembourg (public.lu) ; Säiten 24-33).

Lëtzebuerg, den 25/09/2024.

De Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus

(s.) Lex Delles